ABIOL
Association des Biologistes Luxembourgeois

September 2020

ABIOL – News 2020-1

Weltwäit huet e nëmme 60-160 Nanometer grousse Virus et fäerdegbruecht, fir ze weise wéi verletzlech de Mënsch letztendlech ass, mat nach net abseebaren, sozialen an ekonomesche Suitte weltwäit an awer och enger hoffentlech geännerter Liewensweis an Astellung vis à vis zur Natur. Déi aktuell COVID Kris weist awer och, wéi wichteg e grondleeënd Wëssen iwwert d'Biologie, an dësem Fall vu Viren an d'Iwwerdroungsweeër vun der aktuellen Pandemie, ass.

E Grond méi dem Enseignement vun der Biologie an den Naturwëssenschaften allgemeng, als Basis vum Liewen, dee Stëllewäert anzeraumen, deen e - wéi mer aktuell - gesinn berechtegt verdéngt!

No eiser Assemblée Générale de 6. Februar 2020 am Naturmusée setzt sech de Comité wéi folgend zesummen:
Presidentin: Marianne Hoffmann, Sekretär bleift de Jacques Pir, neien Trésorier gëtt de Philippe Jeitz. Weider Membere vum Comité sinn: Sandra Falsetti, Carole Koerperich, Sandra Tanson, Thierry Marx, Alexander Kranjnc, Susan Roch a Mike De Vos. Nei derbäi als Member am Comité ass d'Géraldine Bastian.

Merci Jeff !

Virun eiser AG huet de Jeff Kohnen eis mat schwéierem Häerze matgedeelt, dat en aus beruffleche Grënn säin Engagement am Comité vun der ABIOL leider misst opginn. De Jeff wor vun 2005 un am Comité als Trésorier engagéiert, huet awer maassgeeblech d'Organisatioun vu villen Excursiounen, eiser 40-Joer Feier asw. mat groussem Engagement geschmass. Heifir soe mir him op dëser Plaz e grousse Merci, och wann hie versprach huet, bei Bedarf am Hannergrond nach emol ab und zu mat unzepaken.

Weiderhi wëlle mir him awer och fir seng Ernennung op de Poste vum Direkter vum Atert Lycée Réiden felicitéieren!

Association des Biologistes Luxembourgeois asbl
(RCS F4842)
c/o 25 rue Münster
L – 2160 Luxembourg
www.abiol.lu

Ëmfro vun der ABIOL:

Mir hate jo op der AG am Fréijoer d'Diskussioun iwwert d'Aufgaben an d'Ziler vun der ABIOL lancéiert.
De Comité géif sech freeën, wa vill Memberen online hir Meenunge géinge matdeelen, fir ze kucke wéi sech d'ABIOL fir dat nächst Joerzéngt soll opstellen.

Wann der Iech **10 Minutten Zäit** huelt, sidd Dir séier duerch de Questionnaire:

https://www.bookwidgets.com/play/Y9FXY4?teacher_id=4634832977002496

Deadline wier den 5. Oktober 2020! Merci am Viraus fir d'Matmaachen!

Excursioun bei RAMBORN un der Sauer:

Lëtzebuerg huet ëm 1900 ronn 1,2 Milliounen Héichstammuebstbeem gezielt a wor en Exportland wat Uebst ugeet. Haut zielen eis Bongerten och als Liewensraum fir seelen a gefährdet Aarte wéi Steekauz a Wimperefliedermaus zu de bedreete Liewensraim zu Lëtzebuerg!
Erhalen duerch Notzung ass d'Devise bei Ramborn zu Buer un der Sauer. Duerch d'Entwécklung a Vermaartung vu Cider zu Lëtzebuerg ginn am Oste vum Land erëm déi al Bongerte genotzt a nei Héichstammuebstbeem geplanzt, esou eleng iwwer 700 Uebstbeem an de lëschte Joeren an der Gemeng Mompech-Rouspert .

Visitt Mëttwoch de 7. Oktober 2020

RV ass ëm 17h30 zu Buer op der Sauer.

Dauer vun der Visitt: ca. 2 Stonnen.

Programm: Geschicht vu Ramborn mat klengem Film, Visitt vum Haff, vun engem Bongert an de Produktiounsanlagen, Degustatioun vun de 6-8 Zorte Cider & Perry.

Dono besteet d'Méiglechkeet op d'Wuermer Köeppchen zesummen eppes iessen ze goen.

Detailer kritt der no der **Umeldung (Visite/Iessen) bis spéitestens Méindes, de 5. Oktober 2020** per Mail op d'Adress: secretariat@abiol.lu zougeschéckt.

Aus COVID-Grënn ass d'maximal Zuel vu Participanten op 10 begrenzt (respektiv op 2 mol 10 Perounen, wa mer 2 Gruppe maachen). D'Excursioun fënnt ënnert de gewinnte COVID-Sécherheetsmesure statt.